

mengen, datt en isoléiert just op d'informatescht Material net ze goen ass. An ech denken, dat sinn organisatoresch Argumenter, et si logistescht Argumenter, et sinn technesch Argumenter, et juristescht Argumenter, déi hei awer ganz kloer soen: Esou einfach, wéi et hei proposéiert ass, geet et sécherlech net.

Do dernieft huet d'Regierung awer och nach ëmmer eng prinzipiell Haltung, datt mer soen: Déi Bildungspartnerschaft, déi mer hunn tëschent staatlechen Instanzen an de Gemengeninstanzen, fir eebe gutt Bildung och an der Grondschoul ze assuréieren, ass eng Plus-value. Et ass eng Plus-value, well mer zesumme kënnen kucken, eeben alles dat ze maachen, wat all d'Riedner hei vereent huet: nämlech ze kucken, d'Moyenen zur Verfügung ze stellen, datt d'Schoulpersonal gutt ka schaffen an datt all Kand gutt Moyenen huet, fir kënnen säi Schoulparcours ze maachen, d'technesch Moyenen an Ekipementer huet an e Kader duerfir féint. Do denke mir als Regierung op jidde Fall, datt et eng Plus-value ass, datt mer do als Gemengen an als Staat zesummen un engem Strang zéien.

Bis elo ass et déi dote Kompetenzopdeeling an ech warnen op jidde Fall virdrun, fir elo just ee Punkt do ze diskutéieren. Wann een deen dote wéilt änneren, da misst ee sécherlech méi grondsätzlech kucken. An am Avis vun der Regierung hu mer jo och drop opmierksam gemaach, wat dann nach vu Froe misst kommen. Ech géif souguer soen, wann een elo seet, fir de Kanner dee selwechte Kader an de Schoulen ze bidden, misst ee kucken, datt de Staat dat dote quasi integral finanzéiert, da kéint een dat selwecht Argument op eemol fir quasi all obligatoresch Missiounen vun de Gemengen hei och uwenden. An dann, all obligatoresch Missiounen, déi eigentlech vun de Gemenge musse fir d'Bierger gelescht ginn, wann déi déi selwecht Qualitéit missten hunn, da misst eigentlech de Staat den integrale Finanzement dovun assuréieren, mee et eigentlech selwer och an d'Hand huelen, dat heescht, et verstaatlechen.

Oder, wann ech dat doten Argument nach eng Kéier weiderdreien: Da géifen d'Gemengen hei finalement ganz vill Kompetenz opginn. An ob et dat ass, wat mer wëllen, dat woen ech ze bezweifelen! Ech war e Buergermeeschter, deen ëmmer houfreg drop war, fir senge Schoulen, sengem Schoulpersonal an och senge Schülerinnen a Schüler an de Grondschoule gutt informatesch Ekipementer zur Verfügung ze stellen, awer och do dernieft ze kucken, datt mer gutt an d'Gebaier investéiert hunn, datt mer se ausgebaut hunn, datt mer se moderniséiert hunn, datt mer Schwämmcapacitéiten haten. Well alles dat dréit derzou bäi, datt et do eng Chancëgläicheit gëtt! An nach eng Kéier, ech denken, wa mer zesummen, Staat a Gemengen, an déi dote Richtung schaffen, da komme mer e Stéck méi wäit.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Educationminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7883. Den Text steet am Document parlementaire 7883⁵.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7883

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maache lo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi 7883 ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme verworfen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon

Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Max Hengel), Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Jessie Thill), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ech géif dann d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen gi fir den Depot vun enger Proposition de loi.

(Brouhaha)

Mme Martine Hansen (CSV) | Ech hat elo grad e Rapport iwwert eng Proposition de loi, mee dat geet am Prinzip duer fir mech den Owend.

M. Fernand Etgen, Président | A ok.

(Hilarité)

Dann hat een dat hei uewen net richtig verstanen.

8. 8012 – Projet de loi portant création de l'Institut national des langues Luxembourg et modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise

Da komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour an dat ass de Projet de loi 8012 iwwert d'Schaf vum Institut national des langues Luxembourg. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Jo, merci, Här President. „Sproochevillfalt“ a „Lëtzebuerg“, dat sinn zwee Begrëffer, déi ganz oft zesumme genannt ginn.

(Interruption)

Mat vill Bewonnerung gëtt oft am Ausland op Lëtzebuerg gekuckt, wann ee beschreift, wéi breet a wéi vill Sproochen hei am Land present sinn. Aleng schon, wann ee kuckt, wéi eis Kanner opwuessen a wéi vill Sproochen si an hirem Schoulparcours léieren, dann ass dat einfach e ganz groussen Atout vun eisem Land.

Als weltoppent Land kommen natierlech och vill Leit aus dem Ausland bei eis, fir hei ze liewen an och fir

hei ze schaffen. Oft mussen dofir nei Sproochen geléiert ginn oder awer och Sproochen zertifizéiert ginn, heiansdo och Sproochen perfektionéiert ginn.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

An do brauch een Ulaustellen! Schliisslech kann d'Léiere vun enger Sprooch engem och ganz nei Perspektive bidden, sief dat am Beruff, mee sief dat awer och heiansdo am Privatlewen. D'Sprooch spillt also eng primordial wichteg Roll fir ganz vill Leit, an dat a ganz ënnerschiddleche Situatiounen.

Den INL, den Institut national des langues, ass zu Lëtzebuerg dee wuel wichtigsten Acteur, wann et ëm Sproochecoursé fir Erwuessener geet. Sait senger Grënnung am Joer 2009 ass d'Demande fir seng Coursé konstant an d'Luucht gaangen. Méi wéi 150.000 Inscriptiounen huet den INL iwwert déi lescht zéng Joer gezielt, dorënner virun allem auslännesch Residenten, Frontalieren, Primo-arrivanten, also Leit, déi nei hei an d'Land, op Lëtzebuerg komm sinn. Och ënnert den europäesche Fonctionnaires an am Bankesecteur sinn d'Sproochecoursé vum INL ganz beléift, an dat net zu Onrecht, schliisslech proposéiert den INL eng grouss Panoplie un international unerkannte Formatiounen.

Och wann d'Léiere vu Friemsproochen haut an och an Zukunft ëmmer op éischter Plaz wäert stoen, sou huet den INL am Laf vun de Joren awer eng ganz Rei vun aneren an neie Missiounen bäikritt. Niefte dem rengen Apprentissage ass den Institut haut nämlech och nach zoustänneg fir d'Zertifiziéiere vu Sproochekompetenzen a fir d'Formatioun un Leit, déi d'Lëtzebuurger Sprooch wëllen enseigner.

Mee vu datt dës Missiounen net alleguerde kloer gesetzlech festgehalde goufen, hëlt de virleiende Gesetzesprojet genau dës Punkten op de Leescht. Dat aalt Gesetz vun 2009 gëtt abregéiert an duerch en neien Text ersat, deen der Evolutioun vum INL Rechnung dréit. Engersäits ginn d'Aufgabeberäicher vum Sproocheninstitut méi kloer definéiert an anersäits verschidden Adaptatiounen un der Organisatioun an um Fonctionnement vum INL virgeholl.

An engem éischte Punkt proposéiert dëse Projet de loi, den Numm vum INL liicht ëmzeänneren. Aus dem „Institut national des langues“ gëtt elo den „Institut national des langues Luxembourg“. Mir hänken also d'Wuert „Lëtzebuerg“ un den alen Numm drun, fir déi lëtzebuergesch Originne vum INLL no baussen och nach besser ervirzehiewen.

An engem zweete Punkt preziséiert dësen Text déi verschidde Charakteristike vun de Sproochecoursen, déi den INLL kann organiséieren.

(Interruption)

Niefte den normalen Dagescoursen, den Intensivcoursen an och den Owescoursé ginn och ganz spezifesch Formullen ugebueden, déi de jeeweilege Besoine vum Marché entsprechen. D'Coursé gi souwuel en présentiel wéi och à distance oder souguer an hybrider Form organiséiert. Vum Niveau A1 bis C1 – an am Franséischen och C2 – ginn am INLL sämtlech Sproochenniveaue couvréiert.

Fir der grousser Nofro no de Coursé gerecht ze ginn, goufen an de leschte Jore schon Annexen zu Miersch an am Belval opgemaach. De virleienden Text proposéiert elo, eng weider Annex am Norde vum Land ze grënnen a soumat d'Dezentraliséierung vum INLL virunzedreien.

Une voix | Ganz gutt!

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Mat enger drëtter Annex sollen an Zukunft nach méi Kandidaten un de Sproochecoursé kënnen deel huelen a ganz

besonnesch sollen awer och d'Waardelëschten an d'Waardezäite reduzéiert ginn.

Nieft dem rengen Apprentissage ass den INL, wéi virdu schonn erwänt, och fir d'Zertifikatioun vu Sproochekompetenzen zoustänneg. An Zesummenaarbecht mat auslännesche Sproocheninstitute organiséiert den INL nämlech international unerkannt Tester an Examen. Genée wéi d'Sproochecoursë sollen dës Tester an Zukunft och an den Annexe vum INLL ugebued ginn.

Den INL ass haut deen eenzege Centre de certification aus der ganzer Groussregioun, deen Zertifikatiounen a sechs verschidde Sproochen ubitt: Am Däitschen, am Franséischen, am Engleschen, am Portugiseschen, am Italieeneschen an am Spueneschen. An deem Kader gëtt den INL och reegelméisseg vu Lycéeën hei am Land kontaktéiert, déi hire Schüler d'Méiglechkeet wëlle bidden, sech hir Sproochekompetenzen duerch en internationalen Test zertifizéieren ze loosse. Hei d'neift organiséiert den INL och déi franséisch Sproochentester fir d'Rekrutementsprozedur vum den europäeschen Institutiounen.

Den INL huet haut niewent der Zertifikatioun vum de Friemsproochen och d'Zertifikatioun vum der Lëtzebuurger Sprooch als Missioun. Dofir bitt den INL hautdesdaags zwee verschidden Tester un, den „LaF – Lëtzebuergesch als Friemsprooch“ an de „Sproochentest“ fir d'Acquisitioun vum der Lëtzebuurger Nationalitéit. Spéitstens säit der Reform vum Nationalitéitgesetz ass d'Demande fir de Lëtzebuurger „Sproochentest“ exponentiell an d'Luucht gaangen. Innerhalb vum dräi Joer hu ronn 6.700 Kandidaten dësen Test gepackt a soumat déi duebel Nationalitéit accordéiert kritt.

Weinst der grousser Nofro no dësem Test kouw et an der Lescht oft zu laange Waardezäiten, soudatt de virleende Projet zwou konkret Léisunge proposéiert: Engersäits schafft dësen Text eng Onlineplattform, fir d'Organisatioun vum den Épreuves orales ze vereinfachen, an anersäits kritt an Zukunft all Lëtzebuergesch-Enseignant aus dem INLL d'Erlabnis, de „Sproochentest“ och ze examinéieren. Doduerch sollen da méi Épreuves a méi kuerzer Zäit kënnen organiséiert ginn.

Ech hu virdu gesot, datt den INL nieft dem Apprentissage an der Zertifikatioun nach op engem drëtte Piliër aktiv ass, nämlech an der Formatioun. Säit 2009 organiséiert den INL zesumme mat der Uni Lëtzebuerg eng Formatioun fir Leit, déi spéiderhi selwer Lëtzebuergeschcoursë wëllen offréieren. Et handelt sech heibäi ëm eng Formatioun vum 120 Stonnen, déi op där enger Säit sämtlech Aspekter vum der Lëtzebuurger Sprooch, Geschicht a Kultur couvriert an op där anerer Säit de Leit bäibréngt, wéi een enseignéiert.

D'Reussite vum dëser Formatioun gëtt mam „Zertifikat Lëtzebuurger Sprooch a Kultur“ ausgezechent. All Mënsch, dee vun doheem aus Lëtzebuergesch schwätzt an op d'mannst e Première-diplom huet, kann heirun deelhuelen. Den INL iwwerhëlt op dëser Plaz also de Rôle vum Multiplicateur vum der Lëtzebuurger Sprooch.

A genée dësse Rôle wëllt de virleende Gesetzesprojet stäerken, andeems en d'Formatioun vum ZLSK moderniséiert an nach besser un d'Besoin vum Terrain upasst. Ausserdeem sollen d'Coursen an Zukunft ënnert dem Format vum „blended learning“ funktionéieren. Fir den Zweck vum dëser Formatioun besser ze verbildlechen, soll den Diplom en neien Numm kréien: Aus dem „Zertifikat Lëtzebuurger Sprooch a Kultur“ gëtt den „Zertifikat Lëtzebuergesch Léiere Léieren“.

Hei d'neift schafft dës Gesetzestext nach e weidere Zertifikat fir Sproocheformateuren: de „Certificat d'enseignement en langues à visée professionnelle“. D'Detenteure vum dësem Zertifikat sollen zum Beispill als zousätzlech Intervenanten an de Formatiounen vum zum Beispill der ADEM intervenéieren. Während déi zousätzlech Intervenanten den Erwuessenen also dobäi hëllefen, hir Sproochekompetenz ze verdéieren, kënnen d'Enseignantë sech eleng op d'Ennerriichte vum hirer Matière konzentrieren.

Nieft sengen dräi Haaptmissiounen – dem Apprentissage, der Zertifikatioun an der Formatioun – ass den INL och an der Fuerschung aktiv. Zesumme mam Commissaire à la langue luxembourgeoise a mam Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch a mam Service de la formation des adultes schafft den INL un der Entwécklung vu Lëtzebuergesch Onlineressourcen an un der Digitaliséierung vum de Sproochecoursen. Säit e puer Jore publizéiert den INL ausserdeem d'Léierbuch „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?“.

Am neie Gesetzestext schafe mir elo eng legal Basis fir dës Aufgaben a setze kloer Grenzen tëscht de Missioun vum INLL an deen vum Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch a mam Service de la formation des adultes.

Zu gudder Lescht proposéiert dës Projet de loi nach eng Rei strukturell Ännerungen um INL. Et gëtt eng Commission consultative gegrënnt, déi d'Entwécklungen am Beräich vum der Erwuessenebildung suivéiert an d'Direktioun berode soll. An zwee nei Directeur-adjoints-Poste ginn och geschaaft.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis Opposition-formellen ausgeschwat, véier Stéck, déi no Amendementen vum Ministère dunn all konnte bei eis an der Kommissioun diskutéiert ginn an och opgehuewe ginn. D'Avis vum der Staatsbeamtekummer, der Chambre de Commerce, der Chambre des Salariés an der CNPD sinn, bis op verschidde Remarken, zimmlech positiv ausgefall.

Fir all Detailler verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn och elo den Accord vum der DP-Fraktioun. Ech soen Iech alleguerter Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci dem Här Rapporteur.

An déi éischt agedroe Riednerin ass d'Martine Hansen. Madamm Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen (CSV) | Merci, Här President, an e grouse Merci dem Här Rapporteur fir den ausféierleche Rapport. Ech hat mer fënnf Remarken opgeschriwwen, ech bleiwen awer bei enger. Zu dëser Auerzäit geet dat, mengen ech, duer.

Mir begrëssen natierlech och, datt eng Annex soll an den Norde kommen. Mir wäeren awer frou, wann dat zäitno géif geschéien an net bis op Mokuchsday e bësse vertaagt géif ginn. An dann awer vläicht eng zweet Remark do derzou: Ech sinn der Meenung, datt mer d'Onlinecoursen an dësem Ugebot beim INLL mussen ausbauen, well dat anert wär net méi zäitgeméiss.

Mat deenen zwou Remarken ginn ech dann den Accord vum der CSV-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci. Dann d'Madamm Closener.

Mme Francine Closener (LSAP) | Villmools merci, Här President. Ech wäert mech och kuerzfaassen, well

de Rapport vum Rapporteur Claude Lamberty war jo ganz exzellent an och détailléiert.

Wien als Erwuessenen eng nei Sprooch léiert, dee mécht sech op fir eng nei Kultur, fir eng nei Mentalitéit. Dat ass ganz gutt an ech mengen, dass dat grad zu Lëtzebuerg extreem wichteg ass. Ech sinn immens frou och doriwwer, dass déi Demande, fir Lëtzebuergesch ze léieren, ëmmer nach weider wisst. Dat beweist jo, dass Lëtzebuergesch net amgaangen ass auszestierwen, ganz am Contraire: 20.000 Leit schreibe sech an all Joer beim INL – INLL mëttlerweil –, fir Sproochen ze léieren. An ech denken, d'Sproocheninstitut huet seng Preuvë gemaach. An dee juristesche Kader, deen et elo kritt, fir seng Missiounen och auszufüllen, deen ass méi wéi néideg. Mir begrëssen déi Stärkung. Oppenheet an Toleranz si Valeuren, déi och am INL säit jeehier gelieft ginn. Och dat kënne mer nëmme begrëssen.

An deem Sënn ginn ech natierlech den Accord vum der LSAP. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Här President, mir stëmme mat dësem Gesetz, an et gouf scho gesot, net just en neien Numm, mee och eng legal Basis fir den Institut national des langues Luxembourg. Hei ass d'Plaz, wou d'Formatiounen, d'Zertifikatioun an d'Diplomer ronderëm d'Sprooch gereegelt ginn. A mat dësem Gesetz ass den Institut elo d'national Autoritéit vum dem Enseignement, der Didaktik an der Zertifikatioun vum der Lëtzebuurger Sprooch.

Säit der Grënnung vum Centre des langues am Joer 1991 huet d'Heterogenitéit vum eiser Populatioun nach eemol maassgeeblech changéiert. Am multilinguale Kontext vum haut, an deem international Mobilitéit, Talentattraction a Migration méi aktuell wéi jee sinn, ass eng zäitgeméiss staatlech Sproocheförderung an Organisatioun e Must.

D'Offer vu Sproochecoursë riicht sech u Residentë wéi Frontalieren, un nei Bierger/inne wéi och déi, déi scho laang hei sinn. Nieft der Offer vu Sproochecoursen huet d'Roll vum Zertifikatiounszentrum an der Ausbildung vum Enseignant an de leschte Joren eng méi kloer Kontur kritt an den Optrag ass evident ginn. Dës spigelt sech am Projet de loi erëm, deen hei en zäitgeméisse Kader festleet an definéiert.

Operationell wäert den Institut net just, wéi elo, an der Stad, zu Miersch an um Belval sinn, mee e wäert och eng weider Annex am Norde vum Land opbauen, fir nach manner Hürden a puncto Accessibilitéit vum de Coursen ze hunn. Accessibilitéit ass evidenterweis e wichteg Stéchwuert: Wéini d'Leit hir Sproochecoursë frequentéieren, hänkt och staark vum hirer socioprofessioneller Situatioun of. Owescoursen, Intensivcoursë vum zwee bis dräi Mol d'Woch, Coursen am Dag oder spezifesch op d'Besoin vum Aarbechtskontext ugepasst Coursë sinn alleguer wichteg a mussen deemno offréiert ginn.

Och fir d'Lëtzebuurger, déi sech mat internationale Standarde wëllen an enger Sprooch zertifizéieren, ass den Institut des langues eng wichteg Ulaftell. Sou maache beispillsweis sëllege Studenten hei hir Sproochenzertifikatioun, éier se an d'Ausland op eng Uni ginn oder un engem internationale Programm deelhuelen.

A puncto Lëtzebuergesch-Zertifikatioun ass den INLL natierlech d'Referenzinstitution, bei där een den Diplom „Lëtzebuergesch als Friemsprooch“ ka maachen an och den Test fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit ka kréien.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Den neien Institut national des langues Luxembourg ass e breetgefächerten a multidisziplinäre Sproochenzenter: Vu Formatioun, Zertifikatioun, Ausbildung, Recherche a Promotioun vun der Sprooch bitt den Institut vill Offere ronderëm d'Sproochen, mee virun allem och ronderëm d'Lëtzebuenger Sprooch un.

Leit, déi also Ängschte schüren, dass mer eis Sprooch verléieren an eis Kultur accaparéiert gëtt, kënnen berouegt sinn: D'Lëtzebuenger Sprooch lieft! An dat ass gutt esou. Loosst eis also net Ängschten, Mësstrauen a Grief schüren! Loosst eis eist grousst Talent fir d'Sproochesvielfalt héichhalen a mat innovative Vermëttlungsmethoden, mat Coursen, déi op d'Besoinen vun dem Aarbechtsmaart an dem Zesummeliwien ugepasst sinn, an enger enker Zesummenaarbecht ronderëm d'Lëtzebuenger Sprooch an hir Promotioun schaffen!

Merci dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport. An ech ginn heimadder gären den Accord vun der grénge Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Ech soen der Madamm Bernard Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci och direkt un de Rapporteur fir de Rapport. Villmools merci.

Den INL spillt eng ganz grouss Roll, eng wichteg Roll. An déi gefält eis och ganz besonnesch, well et ëm Sprooch geet, an och ganz besonnesch dann ëm d'Lëtzebuenger Sprooch. Dat ass eng ganz gutt Saach. A mir hoffen a mir wënschen eis, dass dat an den nächste Jore vill Succès wäert hunn.

A mir hunn déi Zuelen héiere gëschter ..., virgëschter, wéi d'Bevëlkerung an d'Luucht gaangen ass: 150.000 Leit bäkomm an Zäit vun zéng Joer. An da gesi mer awer, bon: Am INL sinn der natierlech vill manner ageschriwwen. Et ass nach Loft no uewen, fir dass mer all deene Leit, déi hei am Land sinn, ubidden, Lëtzebuergesch ze léieren, se dofir motivéieren an hinnen d'Méiglechkeeten dofir ginn.

Komme mer elo hei op de Gesetzestext: Aus dem INL gëtt dann den INLL. Domadder soll da gewise ginn, dass dat zu Lëtzebuerg ass an net iergendwou an der Welt. Ech hu mech dunnen erënnert un en anert Gesetz, wat hei gestëmmt ginn ass virun e puer Joer. Dunn ass aus dem SREL den SRE gemaach ginn. Et ass also de Contraire gemaach ginn: Do ass den „L“ fale gelooss ginn – ech weess net firwat –, soudass een hei ka soen: Den „L“ vum SREL, dee geet elo bei den INL.

(Hilarité)

Bon, mir hätten et ganz aneschtens gemaach. Mir hätten am Fong, fir elo wierklech dat Lëtzebuergesch ze betounen, ...

(Brouhaha)

... och de Lëtzebuergeschen Numm méi herausgestach. Also, mir hätten et genannt – ech mengen, deen Numm gëtt et och –: Nationale Sproocheninstitut Lëtzebuerg.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | NSL, mengetweegen.

(Interruption)

Ech mengen, dat ass ...

(Interruption)

Jo, et ass net fir ze laachen. Ech mengen, et geet hei trotzdem ëm eppes ganz, ganz Wichtige.

M. Sven Clement (Piraten) | Nee, nee, SNL ass „Saturday Night Life“. Dat wär Droit d'auteur gewiescht.

M. Fred Keup (ADR) | De Punkt ass jo deen: Wa mer wëllen an där Logik sinn, wou mer jo och dat dann ënnerstëtzen, dass vill Leit dohinnerkommen an dass déi solle Lëtzebuergesch léieren, dann ass et dach awer e bëssen en zweifelhaft Signal, wa mer grad där Plaz, wou d'Leit Lëtzebuergesch léieren, wou d'Lëtzebuenger Sprooch zertifizéiert gëtt, wou déi, déi dat solle léieren, och ausgebilt ginn, wa mer deem Institut dann e franséischen Numm ginn, dee mer dann och permanent widderhuelen.

An dowéinst – do kann ee soen: „Dat ass eng Klengegeek“ –, mee dowéinst hu mer och hei eng Motioun derbäi. Well et ass eng grouss Symbolik, déi matspillt, an et ass net nëmmen an dësem Fall. An ech wëll dofir hei eng Kéier dervu profitéieren, fir dat kloer ze soen, well et ass ee sech d'äers net ëmmer bewosst: Mee déi grouss Symbolik vun deenen Nimm! Firwat soe mer de ganzen Zäit „Stade de Luxembourg“? Firwat soe mer „Ville de Luxembourg“? Mir kéinte jo och „Stad Lëtzebuerg“ iwwerall hischreien.

(Interruption)

Firwat benotze mer do, wou et wierklech kengem géif wéiden, net einfach dat, wat typesch Lëtzebuergesch ass – an dat ass d'Lëtzebuenger Sprooch? Ech mengen, dat géif kengem wéiden an dat wier e flotte Message.

Mee hei ganz konkret schloe mer also mat dëser Motioun absolutt och eppes ganz Harmloses vir. An dat ass zwar, dass dee Lëtzebuergeschen Numm och dann nieft deem franséische benotzt gëtt an och da genauou vill benotzt gëtt. Dat heescht, wann der Paperassen hutt oder wann dat iergendwou steet, dass et also op Franséisch an op Lëtzebuergesch ass. Ech mengen, dat misst e Kompromëss sinn, mat deem hei jiddweree kéint liewen.

Ech soen Iech Merci.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

– *de Projet de loi Nr. 8012 „portant création de l'Institut national des langues Luxembourg et modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise“ virgesäit, den „Institut national des langues“ ëmzebennen an „Institut national des langues Luxembourg“,*

ass sech bewosst, datt

– *en zweifelhaft Signal u Mënschen, déi d'Lëtzebuenger Sprooch léiere wëllen oder léiere mussen, ausgesent gëtt, wann den Institut, deen op nationalem Plang eleng zoustänneg ass fir d'Zertifizéierung vun de Sproochekompetenzen am Lëtzebuergeschen, nëmmen e franséischen Numm huet, a kee Lëtzebuergeschen,*

fuert d'Regierung op,

– *dem „Institut national des langues“ och e Lëtzebuergeschen Numm ze ginn, eventuell: „Nationale Sproocheninstitut Lëtzebuerg“, an dësen och ze benotzen, esou wéi dee franséischen.*

(s.) Fred Keup.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Keup. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, ech wëll just villmools Merci soe fir dee gudden Rapport. A mir stëmmen dat dote Gesetz mat. An ech hoffen, déi aner Leit sinn och esou séier, well um 20.50 Auer wëll ech mäin Zuch huelen.

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. An ech mengen, dee brauch net op den Zuch ze goen.

(Hilarité et interruption)

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn elo grad mat mengem Kolleeg, dem Marc Goergen, ofgemaach, datt hien d'Madamm Cecchetti kann heemféieren, wann et ...

(Hilarité)

... e Problem mam Zuch sollt ginn.

(Interruption)

Als Éischt emol wollt ech dem Claude Lamberty Merci soe fir den exzellente mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Den Institut national des langues ass zu Lëtzebuerg net ewechzedenden. En organiséiert hei am Land net nëmmen d'Sproochecoursen, fir eebe Lëtzebuergesch ze léieren – déi iwwregens esou beléift si wéi nach ni an alljoers quasi nei Aschreiwungsrekorder opstellen –, mee e bitt och nach Coursen an enger ganzer Rei anere Sproochen un, wat et also och Lëtzebuengerinnen a Lëtzebuenger erméiglecht, weltopp an d'Welt ze goen.

Mir sinn e Land mat ville Leit, déi e Migratiounshannergrond hunn, a vun de Frontalieren, déi all Dag heihinnerkommen, guer net ze schwätzen. Nëmmen 38 % vun der Populatioun si Lëtzebuenger an hunn allen zwee Elteren, déi e Lëtzebuergesche Pass hunn. Dat heescht ëmgedréit, datt 62 % vun eiser Populatioun direkt e Migratiounshannergrond hunn – heiansdo vu méi no, heiansdo vu méi wäit.

A Kanner, déi hei am Land opwuessen, léieren déi offiziell Sproochen zum gréissten Deel an der Schoul. Mee wéi ech grad gesot hunn, gëtt et der ganz vill, déi hir Sprooch eebe vun iergendwou matbruecht hunn an awer Lëtzebuergesch wëlle léieren, an deementspreechend besteet och bei Erwuessenen dës Besoin. An dat gesi mer mat den Aschreiwunge beim INL.

A genau fir déi brauch et eng breetgefächert Offer. Sief et, datt een eng Sprooch brauch fir seng Aarbecht, mee grad am Fall vun Lëtzebuergeschen ass et och eng vun de Voraussetzungen, fir d'Nationalitéit ze kréien. De Besoin no Sproochecoursen, dat net nëmmen am Lëtzebuergeschen, ass also immens grouss. Dat bewiese jo och d'Zuele vun den Inscriptiounen.

Ech kommen awer nach eng Kéier zrëck op de Punkt vun der Lëtzebuenger Nationalitéit, well grad am Beräich vum Sproochennowies ass de Besoin am Moment ganz grouss. An eng engleschsproocheg Onlineplattform huet elo rezent geschriwwen, datt d'Waardezäiten, fir de „Sproochentest“ ofzeleeën, aktuell bei bis zu zwee Méint lieen.

Wann een do derbäi nach déi bis zu aacht Méint rechent, déi de Justizministère brauch, fir neie Lëtzebuenger hir Nationalitéit dann duerno och nach ze octroyéieren, da mierkt ee ganz séier, datt dat eng laangwiereg Prozedur ass. An ech hoffen iergendwou, datt ee vun de positiven Nieweneffekter vun dësem Gesetz wäert sinn, datt mer déi Prozesser e bësse straffe kënnen, datt mer se méi séier gemaach kréien an datt mer doduerjer och vläicht nach deem engen oder aneren, deen et elo wëllt maachen, well am Hierscht Wale sinn, erméiglechen, un dësen als frëschgebakene Lëtzebuenger deelzehuelen, nodeem en da seng Sprooch ganz gutt um INLL geléiert huet. An ech hoffen ...

Domadder gi mir eisen Accord dann och fir dëse Projet. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi-
nister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei geet och e grouse Merci un de Claude Lamberty, dee wierklech all Detail vun deem Projet de loi, awer och vun der Offer vum INL hei beliicht huet – wat elo nach den „INL“ ass, an nom Vott hoffentlech dann an der Publikatioun vun deem neie Gesetz den „INLL“.

Ech wëll vläicht nach just kuerz eng Kéier ënnersträichen, datt mer nieft der Dezentraliséierung vun der Offer – well virun e puer Joer war den INL just um Glacis present, um Belval, zu Miersch, an och a Richtung Nordstad wäert e goen, wou konkreet och dru geschafft gëtt – virun allem d'Offer méi no bei d'Leit bruecht hunn, mee awer och d'Offer vervillfältegt hunn an op eng ganz kloer Resonanz och gestouss sinn, mat enger Verdueblung zum Beispill vun den Inscriptiounen, wat Lëtzebuergeschcoursen ubelaangt. Dat heescht, dat sinn 100 % méi Schülerinnen a Schüler, Erwuessener, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren.

Mir hunn och am Schouljoer 2019/2020 fir d'alleréischte Kéier méi Inscriptiounen an de Lëtzebuergeschcoursé gehat am INL wéi an de Franséischcoursen, wat ganz kloer en Trend ënnersträicht. A wa mer op déi Chifferen hei verweisen, wéi d'Populatioun zouhëlt – an deem selwechten Zäitraum ëm 25 % –, da gesäit een, datt souwuel den INL eng Offer entwéckelt huet, déi bei d'Leit kënnt, an op där anerer Säit awer och déi Leit, déi bei eis kommen, e groussen Interêt un eiser Sprooch do hunn.

Den INL ass natierlech net nëmmen en Institut, fir d'Lëtzebuergesch ze promouvieren – dat mécht en! Madamm Hansen, dat mécht en och online, mat der Offer „Léier Lëtzebuergesch Online“, Ilo.lu, wou 43.000 Leit sech – net nëmmen hei vu Lëtzebuerg! – ageschriwwen hunn an haut d'Chance notzen, fir online op där Onlineplattform eis Sprooch ze léieren. Et sinn der 27.000 vun hei aus, also Residenten, déi sech ageschriwwen hunn an déi vun där Offer profitieren, mee et sinn der nach eng Kéier iwwer 16.000, déi net Resident sinn, déi aus dem noen an heiansdo och aus dem wäiten Ausland do eis Sprooch kënne léieren. Dat weist och nach eng Kéier, datt d'Offer vum INL vill méi villfältig ginn ass an iwwert d'Grenze vum Land souguer mëttlerweil schonn erausreecht.

Mee natierlech konzentréiert den INL sech net nëmmen op d'Lëtzebuerg Sprooch, mee op eis Méisproochegkeet ganz besonnesch. An et ass vun deem engen oder anere jo och ënnerstrach ginn: An engem Land mat esou ville Sproochen, mat ënnerschiddleche Kulturen, wou Leit vu baussen och mat hire Sproocher bei eis kommen, do ass et wichteg, fir datt mer eis verstinn an och verstännege kënnen hei zu Lëtzebuerg, datt mer och aner Sproocher léieren an d'Leit eis Sproocher kënne léieren. An dat ass eng zentral Aufgab fir den INL.

Ënner anerem awer och d'Zertifizéierung vun de Sproocher gëtt hei nach eng Kéier ganz kloer als Aufgab ënnerstrach, wéi awer och d'Ausbildung vun den Enseignanten, wann et ëm Lëtzebuergesch-Formatioun geet, wat zousätzlech Missiounen fir den INL sinn, déi nach eng Kéier gestärkt gi sinn.

An domadder ass den INL haut eppes, soe mer mol, wéi e klenkt Goethe-Institut. Mir wëssen, wat d'Goethe-Institut fir déi däitsch Sprooch ass. Den INL – den INLL dann an Zukunft – wäert e Genre Goethe-Institut fir d'Lëtzebuerg Sprooch sinn. An dofir wëll ech hei Merci soe fir d'Zoustëmmung vun deenen allermeeschten Deputéierte fir deen heite Projet de loi.

Vläicht nach, Här President, direkt ee Wuert zur Motioun. Also ech wäert dem INLL recommandéieren, datt een d'Méisproochegkeet och da soll liewen an der Kommunikatioun an dann och soll op Lëtzebuergesch eng Formulatioun fannen, wéi awer och a ganz villen anere Sproochen, fir datt jiddereen, dee bei eis kënnt, och versteet, wat den INLL da bitt a wat en duerstellt, an dann hoffentlech och nach de Wee finalement dohinner fënnt.

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Educationsmi-
nister Claude Meisch. Domat ass d'Diskus-
sion ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8012. Den Text steet am Document parlementaire 8012^a.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8012 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8012 ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun unanime ugeho.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Diane Adehm), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Max Hengel), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth (par Mme Elisabeth Margue), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Paul Galles), Serge Wilmes (par M. Emile Eicher) et Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Francine Closener) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da komme mer nach zur Motioun, déi den Här Keup deposéiert huet. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergreifen?

(Négation)

Da komme mer zum Vott vun dëser Motioun.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer och elo hei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 59 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Une voix | Dat geet net!

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 4 voix pour et 55 voix contre.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Elisabeth Margue), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth (par M. Paul Galles), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Emile Eicher) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Francine Closener), MM. Dan Kersch et Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Jessie Thill), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

M. Fernand Etgen, Président | Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. D'Chamber kënnt de 7., 8. an 9. März erëm zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 20.23 heures.)